**Le caractère urgent de la question a été reconnu (23.12.2020)**

n° 3364

REÇU
Par Alff Christian , 16:55, 23/12/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weider ze leeden.

D'Impfcampagne géint de Coronavirus wäert zu Lëtzebuerg méi lues ufänke wéi bis elo ugeholl. Laut eisen Informatiounen wäert den Impfzenter um Lampertsbierg den 28., den 29. an den 30. Dezember seng Dieren opmaachen, an wier dann awer nees vum 31. Dezember bis den 18. Januar zou opgrond dovun datt net genuch Impfstoff disponibel ass. Deemno, wieren eisen Informatiounen no anscheinend just em déi 9000 Echantillon'en geliwwert ginn.

Laut dem Radio 100 komma 7 wier virgesinn em déi 1300 Leit ze impfen, zwee Drëttel vun den Invitatioune soll un d'Spidolspersonal goen an een Drëttel un d'Personal aus den Alters-a Fleegeheemer. Déi definitiv Confirmatioun hätt een awer nach net laut dem Här Feller, Haut Commissaire à la protection nationale.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung bestätegen, datt just em déi 9000 Echantillon'en geliwwert ginn sinn?
- Kann d'Regierung zudeem matdeelen, vir wéi vill Leit dës Unzuel un Echantillon'en duergeet?
- Kann d'Regierung och confirméieren datt den Impfzenter ab dem 31. Dezember 2020 bis den 18. Januar 2021 zou ass, an dëst opgrond dovun datt net genuch Impfstoff disponibel ass? Wéi gesäit et mam Oflaf nom 18. Januar aus ?
- Laut dem Haut Commissaire à la protection nationale hätt een nach keng genau Confirmatiounen wéi vill Invitatiounen un d'Spidolspersonal ginn an wéi vill un d' Personal aus den Alters-a Fleegeheemer. Kann d'Regierung eis méi Detailer doriwwer ginn?
- Wat geschitt mat den Echantillon'en, déi sech jo net éiweg halen, am Fall wou Leit déi sollte geimpft ginn dann schlussendlech awer net opdauchen?
- Weess d'Regierung wéi et weider geet mam Delai vun de Vaccin-Liwwerungen? Wann jo, kéint se eis méi Informatiounen doriwwer ginn? Wéini wäerten déi

nächst Liwwerungen kommen a wéi vill Vaccin wäerte mir am Januar hei zu Lëtzebuerg hunn?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar Claude Wiseler

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

REÇU
Par Alff Christian , 09:52, 24/12/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 24 décembre 2020

**Réf. :** 835xc1615

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 3364 du 23 décembre 2020 de Monsieur le Député Laurent Mosar et de Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3364 du 23 décembre 2020 de Monsieur le Député Laurent Mosar et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la « campagne de vaccination contre la Covid-19 ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pr la Ministre de la Santé,

Laurent Jomé
Premier conseiller de gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3364 du 23 décembre 2020 de Monsieur le Député Laurent Mosar et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant la « campagne de vaccination contre la Covid-19 ».**

Mir kënnen den honorablen Deputéierte bestätegen, datt Lëtzebuerg an enger éischter Allocatioun, a laut der läschter Confirmatioun déi de Produzent Pfizer/Biontech eis den Dënschdeg de Moien geschéckt huet, ronn 9.700 Vaccinen zougestallt kritt. Well all Persoun zweemol mat dem Produit muss geimpft ginn, kënne ronn 4.850 Leit mat dëser éischter Allocatioun geimpft ginn.

Den Datum vu weidere Liwwerungen am Januar ass nach net definitiv confirméiert. Déi nächst Liwwerunge sollen un éischter Stell direkt un d'Spideeler goen déi hirt Personal an d'Personal vun hiren Sous-traiten'en op hirem Site impfen. Déi éischt Liwwerung konnt net tëschent de Spideeler opgedeelt ginn, well de Fabrikant dës éischt Liwwerung, aus Enkpäss um Niveau vun der Logistik, just ob eng zentral Platz féiere konnt.

D'Regierung envisagéiert den Impfzenter an der Woch vum 18. Januar nees opzemaachen fir de Leit, déi den 28., 29. an 30. Dezember geimpft ginn, d'Méiglechkeet ze ginn hir zweet Allocatioun ze kréien. Wéivill weider Leit eng Invitatioun geschéckt kënne kréien fir sech dann ee Rendezvous iwwert de guichet.lu ze huelen, hängt vun de Liwwerungen of déi mir am Laf vum Januar kréien. Am Moment waarde mir nach ob eng endgülteg Confirmatioun fir dës Datumer.

Ewéi an der Äntwert ob d'Fro n°3357 vum honorablen Deputéierten Georges Mischo beschriwwen, wäerten déi éischt Deeg am Impfzenter all Dag ronn 430 Leit aus dem Spidols-, Pflege- a Betreiungssekteur invitéiert ginn. Dës Leit huelen sech ee Rendezvous esou datt den Dag virdrun gewosst ass wéivill Leit sech impfe loossen.